N°1090
Entrée le 04.09.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N° 1090 vum 6. August 2024 vum honorabelen Här Deputéierte Jeff Engelen.**

Den honorabelen Deputéierte renseignéiert sech iwwer de geplangte Radar op der Polvermillen an iwwert d'Verstéiss vun de Vëlosfuerer géint de Code de la Route.

*Fro 1: Wéi begrënnt d'Regierung d'Decisioun, grad op dëser relativ roueger Kräizung, mat just enger Haaptachs aus- an an d'Stad, souwéi zwou Niewestroossen e Radar mat duebeler Funktioun opzestellen?*

Am Beräich vun der Verkéierssécherheet ass am Koalitiounsaccord festgehalen, een drëtten Aktiounsplang mat engem Objektiv "Vision zéro" auszeschaffen. Dësen Aktiounsplang strieft un, d'Verkéiers-Onsécherheet op eise Stroossen ze bekämpfen, an ass axéiert op d'Preventioun, d'Sensibilisatioun an awer och op d'Repressioun, dat fir d'Haaptursaache vu schwéieren a déidlechen Accidenter ze bekämpfen.

Aus de rezenten Daten zur Statistik vun de Verkéiersaccidenter vum Statec geet ervir, dat am Joer 2021 27 Vëlosfuerer*innen bei Accidenter verongléckt oder verstuerwe sinn, am Joer 2023 ass déi Zuel op 40 geklommen. Dat bedeit d'Tendenz vun Accidenter mat de schwaache Verkéiers-Participanten op eise Stroossen weist also allgemeng no uewen.

Tëscht dem Val de Hamm / Boulevard Général George S. Patton (Nationalstrooss N2) an der Rue de Pulvermühl kräizen sech d'national Vëlospist PC1 an d'Nationalstrooss N2. Op dëser Plaz kräizen also Vëlosfuerer*innen a Foussgänger*innen eng vun den Haaptachse fir an d'Stad, an deemno gouf decidéiert op dëser Kräizung ee Radar mat enger, wéi vum Här Deputéierte beschriwwener, duebeler Funktioun opzestellen.

*Fro 2: Gesäit d'Regierung an där feelender Verfollgung vu stroffällege Vëloschaufferen net e Verstouss géint de Gläichheetsgrondsaz? Wier an deem Sënn net grondsätzlech iwwert eng Identitéitsfliicht fir Vëloschaufferen nozedenken?*

D'Gesetzer an d'Reglementer gëlle fir all Verkéiers-Participant. D'Police kontrolléiert am Kader vun hiren Aufgaben esou all d'Leit déi um Verkéier deel huelen. Dozou gehéiere selbstverständlech och d'Vëlosfuerer*innen.

An dësem Zesummenhang muss dann och e*ng Vëlosfuerer*inn sech ausweise kënne wann hie*sie kontrolléiert gëtt. Et gëtt also eng Ausweispflicht fir d'Vëlosfuerer. All Persoun déi um Verkéier deelhëlt gëtt selbstverständlech d'selwecht behandelt, wann se sech net un d'Reegelen hält. Eng Kennzeechnungspflicht, zum Beispill duerch eng Erkennungsplack vun de Vëloen ass net am Koalitiounsaccord virgesinn a deemno och net vun der Regierung geplangt.

Wat d'Foussgänger*innen betrëfft, esou mussen si sech selbstverständlech och un de Code de la Route halen.

Well awer déi automatesch Kontroll a Sanctioun CSA (contrôle et sanction automatisés) op d'Ausliese vun de Placke-Nummeren ausgeluecht ass, erlaabt d'Technik vum Radar net fir eventuell Verstéiss vun engem*er Foussgänger*in oder engem*er Vëlosfuerer*inn ze poursuivéieren.

*Fro 3: Foussgänger gi reegelméisseg ugehalen, och dann net bei rout iwwert den Zebrasträifen ze goen, wann offensichtlech kee Verkéier herrscht, fir de Kanner domat kee falscht Beispill ze ginn. Sollt dat selwecht net och fir Vëloschauffere gëllen?*

Wat d'Reegel fir net bei Rout iwwert d'Strooss ze goe wa Kanner an der Géigend sinn ugeet, esou ass dat keng Reegel aus dem Code de la Route, mee eng allgemeng Reegel am soziale Verhalen vun de Leit déi sech mat der Zäit agebiergert huet. Dëst sécherlech ganz sënnvollt Verhale ass awer ebe genee dat, eng Verhalensreegel. D'Gesetz schreift fir, dass een net bei Rout däerf iwwert d'Strooss goen, onofhängeg op Kanner do sinn oder net. Dat selwecht gëllt natierlech och fir d'Vëlosfuerer*innen.

Lëtzebuerg, den 4. September 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes